



DÉI ÉISCHT AMERIKANER

E Samschdeg, den 9. September 1944, war d'Häll lass an der Bartrénger Géigend. D'Kanounen hu vu Märel erfort gedonnert an et sin déck schwaarz Wollécken vun do hier komm. Um Gasperecherbiere stungen d'Leit a Gruppen zesummen, fir dem Spektakel do nozekucken. Vun do aus konnt een och däitlech gesin, wéi et um Gréivelserserhaff bei Bartréng gebrannt huet.

All Mënsch wosst jo wat lass wär, mä 't huet kee sech esou recht getraut, drun ze gläwen. Sollt hiren heemleche Wonsch nun endlech, no 4 laange, battere Joer, an Erfülling goen?

Den Hari Kraus, dee vir en etleche Joer vu Bartréng erwiher op Gasperech geplënnert war, stung och do. Hien huet sech natiirlech Gedanke gemach iwer dat, wat séch do virun séngen Aen ofgespillt huet, ewell hien hat nach séng al Mamm a Geschwëster zu Bartréng, an esouguer jhust an därer Géigend, vu wou d'Gebums hier koum, dat heescht am Gréivelserserwee. Duer as den Hari am Krich ëmmer Samschdes mam Rad Müllech siche gefuer fir d'Familjen. Mä haut, bei deem Koméidi do, war ower nët dorun ze denken. „Oh“, duecht e bei sech, „da firs de muer de muerjen, wann d'Gefohr erwiher as.“

Déi Nuecht huet den Hari nët vill geschlof, e war zevill opgeregt. Esou mecht e sech dann Sonndes muerjes an aller Fréi – géint 5 Auer – mam Velo op de Wee, fir op Bartréng ze fueren, éier et erëm, éwéi e gemengt huet, mam Geschéiss lass géing. 't war vill Niwel dee

Muerjen, awer schéint summerlecht Wieder. Vu Gasperech erof op Holle-rech, duerch d'Märelerserwee op d'Helpfenterbréck a weider iwer d'Lonkecherstrooss gung sei Wee, fir heem bei seng Mamm ze fueren. Et war him onheemlech zu Mutt, ewell hie keng lieweg Séil begéint huet.

Vun der Helpfenterbréck un as den Niwel méi staark gin, esou dass een knapps 15 Meter viru sech gesin huet. Mam Gedanken, et géing jo nawell alles gutt verlafen, as hie monter drop lass gefuer. Grond genuch hat e schon, fir heem ze kommen a sech do ze emsin. Mä dun, beim Haus Leches, dat zesumme geschoss do loug (vis-à-vis vum heitegen Supermarché Concorde), wat gesouch en do? Aus dem Niwel huet sech eng schwéier, onheemlech Silhouette erhuewen, déi him de Wee verspaart huet an am selwechten Ament huet och eng Stëmm geruff: „Stop!“ an du weider „Arrêtez, descendez!“ Éier den Hari sech emsin hat, stungen dräi Zaldoten mat Revolver a Mitrailletten em hien. „Vos papiers! – où allez-vous? – d'où venez-vous?“ An dat Ongeheier, dat gespenstesch aus dem Niwel virgerecht war, huet sech als eng schwéier Panzerkanoun erausgestallt. Den Hari war aus alle Wollécke gefall, et as him ongemellech gin. Eng kleng Anung hat e schon, bis dass en du en décke wäisse Stär um Panzer erbleckst huet. Jo dach! – déi Uniformen! – an dee Stär do um Panzer – dat missten se dach sin! Menger Wärrech, dat sin d'Amerikaner! Am sel-

wechten Ament erwächt den Hari ewéi aus engem cauchemar. A voller Freed a Begeeschterong streckt en deenen dräi d'Hand entgéint an heescht se wëllkomm zu Lëtzebuerg.

„Bon, bon“, as dun de Commandant vun hinnen méi sachlech virugefuer an huet den Hari gefrot, ob hie kënneg wär an der Stad. Jo secher, hien huet do gewunnt an och do geschafft.

„Bon, alors vous prenez votre bicyclette et vous allez faire le tour de la ville pour voir s'il y a encore des Allemands. Moi, je garde vos papiers jusqu'à votre retour!“

Baufdeg, dat war däitlech geschwat. Den Hari war op alles gefaasst mä nët dorop. Mä wat konnt hie schon do machen? Zum aneren war en ower och houfreg, mat esou enger Missioun betraut ze gin. An hien resolut op de Velo an zréck an d'Stad.

Säin éischte Gedanken war natiirlech, huerteg heem op Gasperech ze fueren an der Fra déi freedeg Nouvelle ze droen. Op der Kräizong Escher-a Gasperecherstrooss begéint en du enger Parti Leit, déi de Virwëtz och net méi doheem gehalen hat. Ennert hinnen och de Garagist Jang Reinert, deen den Hari vu Bartréng hier gutt kennt huet. De Reinerte Jang, dee vir Joren mat sengem Bus d'Aarbechter op Esch an Déifferdang op d'Schicht geféiert huet, as déi Zäit réigelméisseg am Café passéiert, deen den Hari an Oppert hat (d'Haus wou haut d'Caisse Rurale ennerbruecht as). Dee Grupp am Gasperecherbiere



Zwou vun den éischte Panzerkanounen, déi d'Helfenterbréck passéiert haten, hun an de Märelenwisen, do wou haut d'Luxlait steet, Positioun bezun, vu wou aus se d'ganz Nuecht iwer d'Stad ewech op Sandweiler geschoss hun. Deen anere Muergen as den Auteur vun



desen Zeilen vun Hollerech aus iwer de Geesseknäppchen getrëppelt an huet sech vun de Jongen zwou eidel Kartuschen vun der 105 mm Kanoun als Souvenir gefecht.

Fotoen: Albert Schlessen

waren déi éischt Leit, déi den Hari dee Muergen zu Gesicht kritt hat. Märel an Hollerech waren ewéi ausgestuerwen. Wéi hien du de Jang gesäit, rífft e vu fären: „Herr Reinert, se sin do, se sin do!“

„Wien? – Wat? Wien as do?“

„D'Amerikaner, d'Amerikaner sin do!“

„Neen!?“

„Dach, dach, ech hu se gesin, se halen op der Lonkecherstrooss. Ech hu viru 5 Minuten mat hinne geschwat.“

An den Hari huet him huertesch vu senger Missioun erzielt, éier en heem gefuer as.

D'Elise, seng Fra, war natüerlech iwerglécklech, wéi se déi Nouvelle héieren huet, mä wéi den Hari du vu senger geféierlecher Missioun geschwat huet, war se ower getouft. A se huet him gutt Rotschléi mat op de Wee gin, e sollt gutt oppassen, a lues machen.

Duerno huet den Hari säin Tour duerch d'Stad ugetrueden, mam Velo duerch d'Al Avenue, iwer d'Al Bréck, duerch d'Groussgaas, iwer d'Nei Bréck, d'Nei Avenue erof op d'Gare, iwer Hollerech a Märel, senge Frënn entgéint. Déi waren an der Zwëschenzäit bis op d'Helfenterbréck virgestouss. Do huet den Hari se erëm getraff an hinnen Rapport gemacht. En hat kee Preiss méi ennerwee gesin.

„Merci beaucoup, mon gars, et voici votre carte d'identité. Vous pouvez continuer votre chemin.“

Wéi gären wär den Hari mat hinnen eran an d'Stad gefuer, mä de Gedan-

ken u seng Mamm doheem huet him keng Rou gelooss. Zefridden an nët wéineg houfrech as en du weider gefuer op Bartréng, sänge Leit och déi gutt Nouvelle droen, op déi jo all Letzebuerger zënter Joere gewart hat.

Ennerwee sin d'Dronkenellen him ausgangen, wéi en véier preisesch Panzer gezielt huet, déi verspreet dohir lougen, d'Gréivelserschlach huet nach déckvoll gedämpft an enner dem Findelshaff loug och e Sherman-Tank. Si sollten nach laang de Passanten den Eescht vun der Bartrénger Panzerschluecht an Erënnung ruffen. Mä doheem am Gréivelserschlach war alles an der Reih. Si haten sech all mat Zäiten emsin a soutzen schéin zesummen beim Josi Jaeger vun der Scierie am Keller, wou d'Kraussemamm drop gehalen huet, de Rousekranz ze bieden, wéi se sech dobaussen zerbumst hun.

Mat sech an der ganzer Welt zefridden, as den Hari géint den Owend erëm heem op Gasperech gefuer. Do gouf en da gewuer, wat e mat senger Nouvelle fréi muerges ugericht hat.

Nodeem en am Gasperecherbiereg de Leit d'Nouvelle vun den éischten Amerikaner bruecht hat, waren déi nët méi ze halen. D'ganz Equipe huet sech op de Wee gemat, fir den Amerikaner entgéint ze goen a si ze begréissen. Vum Gasperecherbiereg durch d'Wisen erof laanscht d'Bunn koumen se bei d'Céissengerbréck, fir dann duerch d'Märelenwisen op Helfent zou ze goen. Bei der Bréck ukomm, hu se da ge-

sin, dass d'Preisen se mat Gehölz, Eisenstaangen an allméiglechem Material verbarrikadéiert haten. Dorënner loug och e Camion op der Kopp. 't war kee Passage méi méiglech. Du hun se sech dann mat vollem Äifer drugin, de Passage erëm fräi ze maachen, ouni sech der Gefor bewosst ze gin, déi op se gelauert huet. Op eemol gouf et eng gewaltig Explosioun, d'Bréck as zum Deel zesumme gefall an huet hirer en etlech enner sech begrüewen. Et war eng Mine lassgaangen, déi d'Preisen drënnner verstoppt haten. Et gouf eng Partie Blesséierter an . . . véier Doudeger, dräi Kanner aus der Noperschaft an, wien hätt et geduecht, och de Jang Reinert. Als Chauffeur vun engem Autobus war hie jo vu fir ewech qualifizéiert, fir mat Hand unzeléen an de Camion erëm op d'Been ze setzen, önnner deem d'Mine verstoppt war. Et sollt him nët vergonnt sin, d'Amerikaner ze gesin, op déi e sech esou gefreet hat.

Déi Nuecht huet den Hari keen A zougedoen. Mäi Gott, wat hat hien do ugestiwelt! En as sech es eemol net zoukomm, dass dee schéinen Dag esou en tragescht Enn konnt huelen.

Den Hari war deemols e jonke Kärel. Dat Ongleck as him laang Joren nogaangen, en huet sech vill draus gemaach, an nach haut as hie getouft, wa vun den éischten Amerikaner Rieds geet.

J.P. Kraus